1-2020-0-9-6280-01 (n°3426)

Dépôt : Jeff Engelen

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 29. Januar 2021

P2 4752

1

# Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten,

ass sech bewosst,

- datt Leit déi sech an engem vun den Impfzentren am Land wëllen impfe loossen, net ëmmer op e privat Verkéiersmëttel zréckgräife kënne fir bis dohinner ze kommen;
- datt et, je nodeem wou eng Persoun déi sech wëll impfe loossen wunnt a je nodeem a wéi en Impfzentrum si wëll fueren, schwéier ka sinn fir dat mat dem ëffentlechen Transport ze maachen;

am Hibléck op déi Tatsaach, datt et prioritär em déi eeler oder vulnerabel Leit geet déi Problemer mat der Mobilitéit hunn.

fuerdert d'Regierung op

- sécher ze stellen, datt sech och déi Leit an en Impfzentrum deplacéiere kënnen , fir déi de Wee mat dem ëffentlechen Transport ze laang dauert oder ze komplizéiert ass.
- datt an deene Fäll, eventuell den Adapto agesat kéint ginn, oder alternativ Taxikäschte vum Staat iwwerholl ginn, wann déi Depense onëmgänglech ass fir an engem vernënftege zäitleche Kader an en Impfzentrum ze fueren.

Jeff Engelen

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742